Wéi schrecklech et een awer kann treffen ! Wann een dem Doud esou dacks an d'Ae gekuckt hat an der Fräiheet esou no as.

Zu Klengbetten op der Gare stung eng ganz Famll ze wénken, fir hire Jong, de Georges Weber vu Capellen ze ëmfänken . . . Hie wor nët am Zuch . . . Kuerz virun der Heemrees huet hien d'Ruhr krit an as dru gestuerwen. Séng Komeroden hun hien zu Tambow begruewen, éier si an den Zuch fir heem geklomme sin . . .

Zu Lëtzebuerg op der Gare wollt keen der Famill vum Nico Feyereisen déi traureg Nouwelle vum Akzident am Zuch soen. Si stunge mat hire Blummen an der Hand zwëschen all denen anere gléckleche Familjen, awer keen as hinnen ëm den Hals gefall . . .

Wéi e Schiet luch den Trauer op all denen hire Gesiichter, déi am Zuch woren a sech gefreet hun erëm doheem ze sin . . .

Ënner hinne wor och de Courthe Riehl, deen offiziell als dout erkläert wor, wëll hien de 15. 9. 43 bei Smolensk gefall sollt sin . . .

Op hien huet keen op der Gare gewaart a keen huet him Blummen iwwerreecht . . . Hien huet säin Teller Zopp mat eppes „Klengs" derbäi kritt wéi déi aner. Keen huet sech am Duerchenaner ëm hie gekëmmert a kee konnt him soe wéi hien a spéider Nuet heem op Esch kéim, wëll keen Zuch méi gefuer as.

E frëndlechen C.F.L. Beamte vun der Gare huet him e gudden „Tuyau" gin. Am Hotel Alfa huet all Owend eng amerikanesch Kapell Musek gespillt. Déi sin da gewéinlech no Hallefnuecht no hirem Concert op Esch mat amerikanesche Camiône gefouert gin, wou si fir d'Zäit vun hirer „Tournée" logéiert hun.

De Courthe as an den Alfa gaang. All Mënsch huet hie vun uewe bis ënne bekuckt, wëll säi Gezei, dat hie vun den Englänner krit hat, him e puer Nummeroen ze grouss wor. Hien huet dem Chef vum Orchester säi Leed geklot an dee wor gäre bereet hie mat op Esch ze huelen. Hie misst awer waarde bis hire Concert fäerdeg wär.

De Courthe huet sech hanner den Orchester an en Eck gesat a wor entschlof wéi d'Amerikaner hir Instrumenter agepaackt hun. Si sutze scho bal all am Camion wéi den Dirigent sech un de „komeschen Englänner" erënnert huet. De Courthe hat nët vill Gepäck a schons woren si ënnerwee fir op Esch. Do wor alles wéi ausgestuerwen a kee Mënsch méi op der Strooss. Hiie wollt op kee Fall séng Elteren ëm dës Zäit dérangéieren an as poulrit op de Policebüro lassgesteiert wëll hien sech keen anere Rot wosst . . .

D'Beamte vum Nuetsdéngscht hun dem Courthe séng Geschicht nëmmen hallef geglääft a wëll si keng aner „Logementsméiglechkeet" hate wéi d'Arrestzell am Keller, wou si him nach eng Decke weider op séng „Brëtsch" geluegt hun . . .

De Courthe as an aller Fréi un d'Dir vu séngem fréiere Léiermeeschter Mellini schelle gang, deen hie vun 1930 bis 1935 d'Schouschterhandwierk geléiert huet.

Wéi säi fréiere Meeschter op säi Klappen him d'Dir opgemaach huet, konnt dee séngen Ae kaum trauen. Dat kann dach nët méiglech sin . . . du liefs dach nët méi . . .

Bei enger Tas waarme Kaffi as de Courthe eréischt richteg „endät" an huet séngem fréiere Patron alles erzielt. Deen as bei séng Eltere gaang fir si virzebereeden . . .

Et as nët a Wierder ze beschreiwen, wat sech den 9. Oktober 1945 am Haus Nr 76 an der rue du Viaduc zu Esch ofgespillt huet . . .

**Dem sécheren Doud „entronnen"**

All déi de Courthe Riehl kannt hun, hu gewosst, datt hien et wär dee virun hinne stung. Fir awer enger Administratioun kloër ze machen, datt dee selwechte Courthe Riehl, deen als Verstuerwenen an dem Doudesregëster sténg, nët dout wär an och eng Liewenmëttelkaart géng brauchen . . . dat wor nët esou einfach a méi komplizéiert, wéi ee gemengt huet. Dobäi hat séng Mamm all séng Kleder un d'Famill verdeelt, esou datt hien nëmme méi e puer al Klamotten hat fir unzedoen.

**Luxemburg, den 11. Oktober 1945.**

:: **„Tote" erstehen.** Als wir gestern im „Service des prisonniers de guerre" vorsprachen, war gerade Herr Kurt Riehl, geboren am 7. Januar 1920, wohnhaft zu Esch a. d. Alzette, anwesend. Das wäre an sich nicht erwähnenswert, wenn er nicht von der Wehrmacht als tot erklärt worden wäre und nun bei den „Jongen" war, die von Tambow am vergangenen Montag zurückgekommen sind. Am 14. September 1943 hatte er sich von seiner Einheit entfernt, wurde am 15. September als tot gemeldet. Er ist aber erst am 17. September zu den Russen übergelaufen. Man hatte seinen Eltern die Nachricht von seiner Rückkehr schonend mitgeteilt. Als wir ihn gestern sahen, trug er noch eine undefinierbare Uniform, da seine Mutter inzwischen alle seine Zivilkleider an Famlienmitglieder abgegeben hatte.

Er ist jedoch nicht der einzige, der als „Toter" zurückgekommen ist. Auch Herr Joseph Speller war bei den Zurückgekehrten; seine Mutter war am Bahnhof, als er in Luxemburg ankam. Man kann sich die Freude, die Mutter und Sohn empfanden, als sie sich wiedersahen, lebhaft vorstellen.

Iwerrall wou hie kom as, huet hie mussen erklären wéi dat gaangen as, datt hien nach liewe géng . . .

Séng Erliiefnësser vun deemools huet hie mär awer elo, no 45 Joër nach eng Kéier an allen Eenzelheten erzielt wéi wann et eréischt gëschter geschitt wär . . .

De Courthe lug ganz virbäi an der Front bei Orel-Smolensk, wou et ganz „béis" zougang as. Ewell deglang huet hien op eng gënsteg Geleënheet gewaart a gelauert fir iwwerzelafen. Awer et wor ëmsoss . . . ni hat hien de „Réck fräi". D'Russe wore ganz onerwaart op e puer Plazen duerchgebrach an de Courthe wor mat e puer Frontkomerode vu sénger „Einheit" ofgeschnidden. Si lougen agegruewen an hirem „Gefechtsstand" wéi de Courthe sech ee Moment onge-féier 30 Meter zréckgezun hat, sin e puer Granate matten an hir al Positiounen ageschloen. Séngem Komerod wor esou ze soen de Kapp vum Leif gerass gin an déi aner hu sech nët méi geréiert . . .

Et wor ouni weider ze iwwerleeën eng Affär vun e puer Sekonnen . . . De Courthe huet dem doudege Komerod séng „Erkennungsmarke" ausgedoen an sech se ëm den Hals gehaang. Séng egen huet hien dem Gefalenen ëmgeluegt . . .


No engem kuerzen „Anschluss" u séng „Einheit" hun d'Russen nees eng Kéier ugegraff an déi däitsch Stellungen iwwerrannt. De Courthe luch an engem Gruef an hat scho mat séngem Liewen ofgeschloss. Ongeféier 30 Stonne wor hien hanner de russesche Linnen, ouni et ze wëssen . . . De 15. September hun d'Prei-sen sech mat hire Verwonnten a Gefale wäit zréckgezun. Vun elo u wor de Courthe theoretesch nët méi ënner dene Liewegen.

Hallef erhéngert huet hien sech duerch d'Niemandsland geschloen an de 17. September huet hien sech de Russen „ergin" . . .

Zwéi Méint méi spéit as d'Noriicht zu Esch agetraff de Courthe Riehl wär bei Smolensk gefall.

De Mann mam Pendel hat richteg geroden, d'Saachen, déi d'Preisen dem Courthe séngen Elteren heemgeschéckt haten, woren hirem Jong séng Saache nët.

De Courthe as vun de Russe verhéiert gin. Hie koum an e Gefaangenelager an duerno op Tambow, wou hien 2 ganzer Joër op d'Heemrees gewaart huet. Datt hie wéi och déi aner Lëtzebuerger Jongen do nët mat Zoosiss ugestréckt wor, geet däitlech aus den Erzielunge vun denen ervir, déi et um eegne Leif gespuert a materlieft hun.



ALLIED EXPEDITIONARY FORCE
D. P. INDEX CARD
1. LG 00211883
(Registration number) 16—35306-1
2. RIEHL KURT
(Family name) (Other given names)
3. Riehl Curt
(Signature of holder)
D.P.1

Wéi all aner Krichsgefaangener hu si schwéier musse schaffen. De gréissten Nodeel wor awer, datt déi russesch Offizéier, déi d'Lëtzebuerger verhéiert hun, iwwerhaapt näischt vu Lëtzebuerg gewosst hun. Fir si huet déi däitsch Uniform gezielt, si woren einfach Preise bis d'Fransousen sech intensiv fir d'Elsässer an d'Lothrénger agesat hun, déi am selwechte Fall wéi eis Lëtzebuerger Jonge woren . . .

No séngem Operstoën am Joër 1945 huet de Courthe Riehl säi Liewe gemaach. Séng Gesondheet wor zwar staark strapazéiert gin, awer säi Courage huet hien iwwer munnech Schwiregketen ewech bruecht . . .

Ob et elo en Zoufall wor oder och nët . . . wéi ech am Gaang wor d'Manuskript fir dëst Buch ze schreiwen, wollt ech vum Courthe nach e puer Explikatounen iwwer séng Geschicht hun. Séng Fra huet mär gesot, datt de Courthe schwéier krank am Spidol géng leien. Ech hun hien dee selwechten Dag besicht, et wor de 29. Oktober 1987. Hie konnt mär nach ganz däitlech op méng Froën äntveren. 3 Deeg méi spéit . . . op Allerséile wor ech erëm bei him. Hien huet mär nach just d'Hand gedréckt a lues gesot : „Néckel maach et gutt" . . . Et huet mär am Häerz wéi gedoen ewéi ech e Mënsch gesinn hun, deen esou vill Liewensmutt hat an deen dem Doud esou dacks an d'Ae gekuckt hat, an deen elo um Enn vu séngem Liewen ukom wor. Ech hu vun eiser Herrgott gewënscht, datt hien dem Courthe et nët ze schwéier sollt maachen . . .

De 6. November 1987 as de Courthe Riehl gestuerwen. Hien wor ee vun dene wéinegen, deen zweemol an d'Doudereqëster ageschriwwe gin as. Séng Frënn hun him um Graf versprach, datt si hien nët vergiessen . . .



*Dat as de Courthe esou wéi all séng Frënn hien an Erënnerung behalen hun*



*Dr. Fred HANSEN*
*Zänndokter vun Déifferdang*

A leschter Minutt hun ech nach weider Témoignage krit iwer den **Dr. Emile BOCK** an den **Dr. Nic. MULLER,** allebéid vu Rëmeléng.

Den **Dr. COLLING** vun Esch/Uelzecht, den **Dr. Ferd FRIEDEN** vun der Cap an den **Dr. Jean FABER** aus der Eecher Klinik si mär e puermol genannt gin.

Ech muss zum Schluss hei awer onbedéingt nach aflécken, datt nach vill méi Dokteren a Krankeschwësteren am Land woren, déi am Krich op iirgend eng Manéier duerch hiirt medizinescht Wëssen denen aneren, déi an Nout woren, gehollef hun.

Ech misst esouguer iwer eis Grenzen ewech goen. Do wor z.B. „d'Bürgerspital" zu Tréier, dat als Reserve-Lazarett ënner der Direktioun vum bekannte Professer BALKHAUSEN ganz villen Destituéierten a Verfollechte gehollef huet.

Nët ze vergiessen as d'Klinik vun Arel (Arlon), wou kurajhéiert Schwësteren an Dokteren der Armée Blanche gehollef hun, wou och vill Lëtzebuerger drënner woren. (René Muller, Marcel Reuter asw).

Do wor eng léif an daper Operatiounsschwëster, déi d'Gestapo an hir belsch „Helfershelfer" an enger Nuet am Abrëll 1944 wiirklech un der Nues erëmgefouert hat a vill Fräiheetskämpfer d'Liewen gerett hat.

Si hat „d'Fiches Médicales" e wéineg „ëmgeännert" a verschidde Patienten a leschter Minutt virun der Razzia nach an d'Reanimatioun an eriwer an „d'salle des morts" geschupst.

D'Schwëster wollt nom Krich kee Merci dofir an hat dat alles als eng ganz normal Saach ugesin.

Esou kënnt ech nach weider iwer gutt Leit schreiwen, déi am wäisse Kiddel am Krich hire Mann gestallt hun.

Ech kann awer nëmmen déi nennen, déi mär bei ménge Recherche genannt gi sin, an ech hoffen, datt all eis Lieser dofir Versteesdëmes hun.





Den Dr. Emile BOCK an den Dr. Nic. MULLER bleiwen der Resistenz a gudder Erënnerung wéint hirer Hëllef am Krich.
Refraktären a Politesch Flüchtlingen soen op dësem Wee nach eng Kéier MERCI.




Den Dokter Emile COLLING vun Esch
huet de Refraktären an alle Patrioten
am Krich mat Rot an Dot gehollef,
wou hie konnt.
D'Resistenz huet him dat nët vergiess.



Docteur Ferd. FRIEDEN †
Ancien Député
Médecin-Résistant
Sa Vie fut faite de travail et de dévouement
envers ses malades et surtout tous ceux
qui étaient en péril dans la clandestinité.
La Résistance lui gardera un Souvenir
reconnaissant.

# Ons Jongen



# ...am Krich

*evausgin*

*vun der*

**Ligue „Ons Jongen" Sectio'n Dickerich**

1946

IMPRIMERIE DU NORD / S. A. / DIEKIRCH

## *Dickericher Jongen* ware verstoppt bei:

Berns Mich., Nidderfèlen; Besenius Hary, Nidderfèlen; Bormann Mathias, Uewerfèlen; Eischen Josy, Dikerich; Feith Jean, Ettelbréck; Mme Flor, Me'schtreff; Gales-Hiertz, Stèen; Hary F., Me'schtreff; Hoffmann Gaspar, Gilsduerf; Hoffmann, Matgeshaff (Schieren); Hoffmann--Weydert, Eppelduerf; Infalt Franz, Angelduerf; Kalmes-Simon J. P., Reichlinger Halt; Kips Victor, Mertzig; Knepper Servais, Me'schtreff; Koch-Remy Vve, Weiswampich; Lahyr Georges, Böschduerf; Lanners Batty, Nidderfèlen; Lenertz Lucien, Medernach; Majerus-Lentz, Elwen; Mergen Pierre, Nidderfèlen; Molitor Martin, Angelduerf; Mossong Vve, Closdelt/Dikerich; Noesen Tony, Dikerich; Oesch Albert, Köppenhaff (Dikerich); Peffer Felix, Dikerich; Peiffer, Schierenerhaff; Reuter Pierre, Reisdorf; Richartz Jean, Mérschend (Veianen); Schmartz Mathias, Bastenduerf; Schmit Marcel, Lampertsbierg; Schmit Mathias, Dikerich; Sibenaler Pierre, Merschèd (Heischend); Simon Nicolas, Dikerich; Dr. Sinner Jos., Dikerich; Steiwer Antoine, Nidderfèlen; Steiwer-Mergen Vve, Uewerfèlen; Theis, gen. „Bror" Nicolas, Nidderfèlen (Knapp); Theisen Nic., Enteschbach; Turmes-Mangen Vve, Dikerich; Wallers Vve, Echternach; Wampach Alex, Befort; Weber Charles, Bettendorf; Weckering Jean, Dikerich; Wies, Schroederhaff/Bettendorf; Zenner Jos., Dikerich.

Mertz Léon, Esch-Alzette; Goerres François, Differdingen; Schmit-Hoffmann, Eppeldorf; Deloos Mathias, Diekirch; Welter-Thiry, Diekirch; Klein-Schaack, Diekirch; Wagner, Luxemburg-Howald; Pierre Marcel, Athus: Schou, Hinkel.



## Felix Peters

Gebuer zu Dickerich, den 8. 2. 1911

Mat Newen's Jäng an anere Komeroden ass hén den 19. Juni 1941 geflücht aus der Hé= micht, wu de Preiss Méster war. No engem schwe'eren Afferwè durch d'Frankreich ass hén iwer Gibraltar an Eng- land komm, wu en sich freiwölleg an d'Armé gemellt hot. Nodèm en den Afrika-Feldzug ganz matgemâcht hât, a we' en well gehofft hot, bei der Befreiung vun der Hèmicht derbei ze sen, ass de Felix de 17. Juni 1944, 11 Dèg no der Landung, an der Normandie fir eis Hèmicht gefall.



## Albert Manderscheid

Gebuer zu Re'den, den 8. 11. 1921

Kaum 2 Me'nt nôm Maturite'tsexamen, go'w den Albert am Oktober 1942 an den RAD force'ert, aus dem e krank erem hém ko'm. Awer schon 3 Me'nt duerno huet hie missen an der Kasèr vu Bad Mergentheim de' preisesch Uniform undin. Peischtsonndig 1943 war dé leschten an ènzegen Dâg, dén den Albert mat senger Familjen zu Dickerich zo'bruecht huet. Vun enger Plâtz op de' âner ass hien ge= worf gin, bis en dén 1. Dezember 1945, 6 Me'nt nom Krich, am La= zarett zu Jesterburg u senge Verwonnungen gestuerwen ass.